# LSW STUDIEN INFO BROSCHÜR 2020







# INDEX



3 - Virwuert
4 - Wien
6 - Praktesch Informatiounen
8 - Unien zu Wien
16 - Lëtzebuerger Studenten zu Wien
18 - LSW A.s.b.l. a séng Evénementer
27 - Rezept: Wiener Schnitzel
28 - Wieneresch - Lëtzebuergesch
29 - Impressum





# Virwuert vun der Präsidentin

## Grüß Gott!

Léif zukünfteg Studentin,
Léiwen zukünftege Student,

du hues Froen déi de Studium, d'Studenteliewen oder d'Stad concernéieren? Dann ass dës Broschür genee dat richtegt fir dech!

An dëse puer Säite probéiere mir dir eis Studentestad schmackhaft ze maachen, fir dass du geschwënn zum LSW gehéiers.

Net ëm soss gouf Wien fir déi 10. Kéier hannerteneen zur Stad mat der héchster Liewensqualitéit weltwäit gewielt. Dat ganzt Joer iwwer huet Wien senge bal zwou Milliounen Awunner extrem vill ze bidden. D'Geschicht, d'Kultur an d'Architektur maachen d'Stad aus. Am Summer kann een an de Wäibierger e Spritzer genéissen an am Wanter gëtt sech mat engem Glühwäin op deene ville verschiddene Chrëschtmäert gewiermt.

An der éisträichescher Haaptstad kanns du alles studéieren, dofir ginn et iwwert 25 Universitéiten an Héichschoulen. Beléift ënnert eise Membere sinn zemools Studiegäng ewéi Architektur, Ekonomie, Medezin, Raumplanung oder Sozialwëssenschaften.

Falls de Wiener Grant der emol op d'Nerven sollt goen, da fënns du séier




Ciara Daleiden
Präsidentin vum LSW

Uschloss bei engem Evenement vum LSW, wou lauter Lëtzebuerger openeen treffen. Den LSW ass de Veräin vun de Lëtzebuerger Studenten zu Wien. Säit 1975 ass et eis Aufgab d'Lëtzebuerger ze ënnerstëtzen, ze beroden a si zesummen ze bréngen.

Wien, Wien nur du allein! Säit 4 Joer hunn ech d'Chance Wien mäin Doheem ze nennen a kéint mir keng besser Stad virstelle fir meng Studienzäit. Ënnert 200.000 Studente fënnt ee séier Uschloss.

Ech hoffe mir kënnen dir mat dëser Broschür op der Sich no denger Studieplaz weiderhëllefen. Zéck net eis ze kontaktéieren, wanns du nach gäre weider Informatiounen iwwert d'Studium, de Cercle oder d'Stad wëlls.

Vläicht gesi mir eis schonn d'nächst Joer,
Ciara

# WIEN





## D'Haptstad an Zuelen

| | |
|---|---|
| 1.897.491 | Awunner (1. Januar 2019) |
| 191.900 | Studenten (2018/19) |
| 23 | Bezierker |
| 414,87 | km2 |
| 4607 | Awunner pro km2 |
| 1.Plaz | Mercer Studie 2019 iwwer d'Liewensqualitéit |

Wien ass mat knapps 1,9 Milliounen Awunner déi zweet gréisste Stad am däitsch-sproochege Raum. Déi éisträichesch Haaptstad ass virun allem bekannt wéinst hirer impressionnanter Architektur, dofir gehéieren den historeschen Zentrum an och d'Schlass Schönbrunn zum UNESCO-Weltkulturierwen.

Wann een un Wien denkt, da kënnt engem séier de Kaiser Franz an d'Kaiserin Sissi, de Mozart, oder och de Falco an de Kapp, woubäi dës Stad historesch a kulturell nach däitlech méi ze weisen huet. Nieft der weltbekannter Geschicht, Musik an Architektur, kann een hei och vun deene ville grénge Plaze profitéieren. En klengen Tour iwwert de Prater, duerch den Augarten oder bis erop op de Kahlenberg bréngen engem Student direkt fräsch Loft fir ze léieren.

Am Summer huet d'Donaumetropol vill ze bidden, ewéi zum Beispill säin Dag gemittlech op enger vun de ville Strandbaren ausklénge ze loossen oder sech op der Donauinsel ze bronzéieren, respektiv sech an d'Donau ofkille goen. Héi ginn awer och verschidde Sportaktivitéiten ugebueden, ewéi Waasserschi, Beachvolleyball...

Am Wanter ginn an der ganzer Stad iwwert 20 verschidde Chrëschtmäert opgeriicht. Falls een awer léiwer méi sportlech ënnerwee ass, huet een d'Méiglechkeet a manner ewéi enger Stonn vu Wien ewech, Ski oder Snowboard fueren ze goen.

Dobäi gëtt et zu Wien eng Rëtsch international Organisatioune wéi zum Beispill d'OPEC, ee vun de Sëtzer vun der UNO an d'"Internationale Atomenergie-Organisation" (IAEO).

Wien gëllt weltwäit als déi Stad mat der héchster Liewensqualitéit, dat huet fir déi 10. Kéier hannerteneen eng international Mercer Studie 2020 erginn. Hei goufen 231 Stied unhand vun 39 Krittäre verglach.
Wat Bildung betrëfft, bitt Wien senge bal 200.000 Studenten all méiglech Studierichtungen op iwwert 25 ëffentlechen Universitéiten, Fachhéichschoulen a privaten Universitéiten.



www.lsw.lu
lsw@lsw.lu
lsw_1975

# Praktesch Informatiounen



## Ëffentlechen Transport

D'Wiener Linien, also den ëffentlechen Transport zu Wien, huet am Joer 2018 insgesamt 822.000 Joreskaarte verkaf. Dëst ass och net verwonnerlech bei deene ville Méiglechkeeten, déi engem zur Verfügung stinn.

D'Streckennetz vun U-Bahnen, Bussen a Stroossebunnen zesummegezielt huet eng Längt vun 1.151,5 km. Am ganze ginn et 5 U-Bahnen (U1, U2, U3, U4 an U6), 2023 kënnt d'U5 als 6. Ubahnlinn dobäi. Stroossebunnen, och Bim genannt ginn et insgesamt 29 Stéck. Zousätzlech dozouginn et eng ronn 140 Buslinnen. Weekends a Feierdeeg fueren d'Wiener Linien déi ganz Nuecht duerch.

Fir Studente kascht eng Semesterkaart bei de Wiener Linien 150€ (mat Hauptwohnsitz 75€), dës ass gülteg fir all Transportmëttel an der Kernzone. De Wiener Fluchhafe leit zu Schwechat an ass dermadder net méi an dëser Zone. Fir weider 2,20€ kënnt een awer séier mam Zuch dohinner.

## Vëlo

Wien ass eng immens vëlosfrëndlech Stad. Insgesamt hunn Vëlospisten eng Längt vun 1.431km, déi et engem erméigleche séier an einfach vun A op B ze kommen.

Falls ee keen eegene Vëlo huet kann een sech fir 1€ ee Compte bei enger vun den 121 City-Bike Statiounen oder um Internet maachen. Mat dëse Vëloe kann een dann all Kéiers fir 1 Stonn gratis fueren.

Zu Wien ass de Vëlo awer net nëmmen als Transportmëttel nëtzlech, mee och fir d'Stad ze erkënnegen, dat bei engem Tour laanscht déi schéi Gebaier op der Ring-Strooss oder bei engem klengen Ausfluch op d'Donauinsel.

## Nëtzlech Applikatiounen

WienMobil: Duerch d'Aginn vum Start- an Zielpunkt berechent dës App déi séierst Méiglechkeet fir mam ëffentlechen Transport un däin Ziel ze kommen.

Studo: D'App fir däi Studium. Nom Alogge mat dengem Uni-Account hues du deng Couren, deng Notten, wichteg Informatiounen etc. an enger App.

Bike Citizens: Lued der d'Kaart vu Wien erof an d'App seet der wéiste mam Vëlo un däin Ziel kënns.

Uber: Wann et emol méi séier goe muss, kanns du dir en "Taxi" bestellen.


Bird, Lime, Tier a co.: Mat enger vun dësen Apps kanns du eng elektresch Trottinett lounen.

Willhaben: Hei fënns du Allméigleches fir ze kafen an ze verkafen.

Jodel: Dës App ass eng gutt Oflenkung vum ville Léieren, hei kanns du anonym chatten.

Mjam: Iwwert dës App kanns du dir däin Iesse bestellen a bei dech heem liwwere loossen.

Praktesch Informatiounen






## Lëtzebuerg - Wien

Déi séierst Aart a Weis fir vu Lëtzebuerg op Wien ze kommen, ass mam Fliger. Soulaang een ënner 27 Joer ass kritt een, bei der Luxair nach de Studentepräis deen bei ongeféier 190 € Aller-Retour läit. Puermol d'Joer ginn et verschidden Offeren, bei deenen een och mol en Vol fir 99 € oder 129€ Aller-Retour kritt. Dës Offer ass normalerweis net op den Alter begrenzt. Zäit vum Vol leit bei 1.15 bis 1.45 Stonnen.

Eng aner Méiglechkeet ass den Zuch fir 69€ One-Way, wann ee fréi genuch un ass. D'Zuchfaart dauert 11 Stonnen an et muss ee puer Mol ëmklammen.

Och de Flixbus ass eng méiglech Alternativ. deen eng Direktverbindung Lëtzebuerg-Wien ubitt. Dës Busfaart dauert ëm 16 Stonnen a kascht +-60€.

Natierlech kann een dës Stréck och mam Auto maachen. Dat dauert ongeféier 9 Stonnen. Wanns du eng Matfuergeleeënheet brauchs, da fënns de bestëmmt an eiser Facebook-Grupp "LSW Mitfahrzentrale" een anere Student, deen dech gäre mat op Lëtzebuerg respektiv Wien hëlt.



## Logement

Bei der Wunnengssich zu Wien ginn et vill Méiglechkeeten seng perfekt Studentewunneng ze fannen. Wien ass eng grouss Staat, do soll also fir jiddwereen eng Wunneng ze fanne sinn.

Falls du léiwer an eng scho bestoend WG zitts, da recommandéiere mir dir d'Internetsäit "wg-gesucht". Hei siche souwuel Éisträicher ewéi och anerer no engem neie Matbewunner. Falls du léiwer eng eege WG grënne wëlls oder eleng wunne wëlls, recommandéiere mir dir Internetsäite wéi "immobilien.net" oder "immobilienscout24.at". Op "flatbee.at" fënns du Wunnengen ouni Maklerprovisioun.

Eng weider Méiglechkeet bitt eis Facebook-Grupp "LSW Willhaben". Hei ginn dat ganzt Joer iwwer Annonce vun eise Membere gepost, wou een e Matbewunner sicht oder engem seng Wunneng fräi gëtt.

# Universität Wien

Universitätsring 1
1010 Wien, Österreich

**D'Universität Wien ass déi gréissten Uni zu Wien mat ronn 94.000 StudentInnen.**

Et ass och ausserdeem déi eelsten Uni am däitschsproochege Raum. 2015 huet d'Universitéit hire 650. Gebuertsdag ge feiert.
D'Uni bitt de Studenten ënnerschiddlech Bachelor-, Diplom- a Masterstudiëgäng.

Zu den Haaptstudierichtungen zielen: Betriebswirtschaft, Publizistik- und Kommunikationswissenschaft, Politikwissenschaft, Psychologie, Pädagogik, Soziologie, Sportwissenschaft, Geschichte, Geographie, Biologie, Ernährungswissenschaften, avm.

Umelle kann een sech, op däser Universitéit fir d'Wantersemester vu Juli bis Ufank September a fir d'Summersemester vu Januar bis Mäerz. Wichteg heibäi ass, dass net all Studierichtung béid Semesteren ugefaange ka ginn.

Telefonsnummer
+43 1 42770
Internetsäit
www.univie.ac.at

Et ginn en puer Fächer, fir déi een en Opnamexamen absolvéiere muss. Eng Lëscht mat de verschiddene Studierichtunge ass op der Internetsäit vun der Uni ze fannen.

Op der nächster Säit fënns du eng Lëscht mat all de verschiddene Studiegäng, déi d'Uni Wien proposéiert.





## All Bachelorstudiegäng vun der Universitéit Wien:

Afrikawissenschaften
Ägyptologie
Alte Geschichte und Altertumskunde
Astronomie
Betriebswirtschaft (Aufnahmeverfahren)
Bildungswissenschaft (Aufnahmeverfahren)
Biologie (Aufnahmeverfahren)
Byzantinistik und Neogräzistik
Chemie (Aufnahmeverfahren)
Deutsche Philologie
English and American Studies (Aufnahmeverfahren)
Erdwissenschaften
Ernährungswissenschaften (Aufnahmeverfahren)
Europäische Ethnologie
Evangelische Fachtheologie
Geographie
Geschichte
Hungarologie und Fennistik
Informatik (Aufnahmeverfahren)
Internationale Betriebswirtschaft (Aufnahmeverfahren)
Islamisch-Theologische Studien
Japanologie
Judaistik
Katholische Fachtheologie
Klassische Archäologie
Klassische Philologie
Koreanologie
Kultur- und Sozialanthropologie(Aufnahmeverfahren)
Kunstgeschichte
Mathematik
Meteorologie
Musikwissenschaft
Orientalistik
Pharmazie (Aufnahmeverfahren)
Philosophie
Physik
Politikwissenschaft (Aufnahmeverfahren)
Psychologie (Aufnahmeverfahren)
Publizistik- und Kommunikationswissenschaft (Aufnahmeverfahren)
Rechtswissenschaften (Diplom - mit Aufnahmeverfahren)
Religionspädagogik
Romanistik
Sinologie
Skandinavistik
Slawistik
Soziologie (Aufnahmeverfahren)
Sportwissenschaft (Bachelor - mit Ergänzungsprüfung zum Nachweis der sportlichen Eignung)
Sprachen und Kulturen Südasiens und Tibets
Sprachwissenschaft
Statistik
Theater-, Film- und Medienwissenschaft
Transkulturelle Kommunikation (Aufnahmeverfahren)
Urgeschichte und Historische Archäologie
Vergleichende Literaturwissenschaft
Volkswirtschaftslehre (Aufnahmeverfahren)
Wirtschaftsinformatik (Aufnahmeverfahren)

## Psychologie

Fir Psychologie op der Uni Wien studéieren ze kënne, spillen d'Notten aus dem Lycée keng Roll. Hei fënnt ee Mol am Joer (Ënn August/Ufank September) en Opnamexame statt an et gi ca. 500 Léit opgeholl. D'Régistréierungsfrist ass vu Mäerz bis Juli an d'Umellung selwer kascht 50€. Den Test ass am Multiple Choice Format, dauert 3,5 Stonnen a besteet aus folgenden 3 Deeler:

1. Froen zu engem psychologesche Fachbuch, dat ca. 6 Méint am Viraus ugekënnegt gëtt (40%).
2. Methodik: Hei geet et ëm formal-analytesch Denke souwéi z.B. Statistik (30%).
3. Englesch Textverständnis vun engem psychologeschen Text (30%).

# Technische Universität Wien

TECHNISCHE UNIVERSITÄT WIEN
Vienna University of Technology

Karlsplatz 13
1040 Wien, Österreich

**D'TU ass déi gréissten technesch Uni an Éisträich mat méi wéi 42.000 StudentInnen.**



D'Technesch Universitéit Wien gouf 1815 vum Kaiser Franz I. gegrënnt. Unhand vun dëser Institutioun wollt hien Ingenieuren fir de Militär, de Biergbau an de Bau aus bilden.
TU Wien bitt iwwert 50 Studiegäng un. Dorënner falen ënnerschiddlech Bachelor- a Masterstudiëgäng.
D'Haaptstudiegäng op der technescher Universitéit Wien sinn: Architektur, Raumplanung, Bauingenieurwesen, Elektrotechnik, Mathematik an Informationstechnik.

D'Umeldung op der TU Wien leeft fir d'Wantersemester vun Ufank Juli bis September a fir d'Summersemester vu Januar bis Februar.



Telefonsnummer
+43 1 588010
Internetsäit
www.tuwien.ac.at

# Wirtschafts-Universität Wien

WU WIRTSCHAFTS UNIVERSITÄT WIEN VIENNA UNIVERSITY OF ECONOMICS AND BUSINESS

Welthandelsplatz 1
1020 Wien, Österreich

**De Campus WU gouf vun 6 bekannten Architektebüroen aus der ganzer Welt gebaut.**

D'Wirtschaftsuniversitéit vu Wien ass 1898 gegrënnt ginn an ass eng staatlech Universitéit, mat knapp 25.000 Studenten.

Zanter dem Joer 2014, studéieren dës op engem fonkelneien a moderne Campus um Prater.

D'WU ass als eng vun de beschte Business Schools an Europa klasséiert an déi gréissten Uni, déi sech op Business an Ökonomie fokusséiert.

Säit 2013 ass en sougenannten Einstiegstest agefouert ginn, fir de Studenten en organiséierte Studium garantéieren ze kennen.

Umeldung fir d'WU fänkt un mat enger Online Registréierung, déi ee vun Ufank Mäerz bis Mëtt Mee ka maachen. An weidere Schrëtt kann een sech dann definitiv fir d'WU umellen.

Insgesamt ginn et 3 Bachelorstudiëgäng: Wirtschafts- und Sozialwissenschaften, Wirtschaftsrecht a Business and Economics.
D'WU bitt awer och ëm déi 15 verschidde Masterstudiëgäng un.



Telefonsnummer
+43 1 313360
Internetsäit
www.wu.ac.at





# Med. Universität Wien

Spitalgasse 23
1090 Wien, Österreich

**Mat ronn 8.000 StudentInnen ass d'Meduni déi gréissten Medezin-Uni am däitschsprochegem Raum.**

D'Medizinische Universität Wien ass déi gréisste Medezin-Uni an Éisträich an ass eng vun de wichtegste Fuerschungsinstitutiounen a ganz Europa. Op dëser Universitéit kann een Humanmedizin an Zahnmedizin studéieren.

D'Meduni Wien stellt ausserdeem immens vill Personal fir d'Wiener AKH (Allgemeines Krankenhaus), dat gréisste Spidol a ganz Europa. D'Uni huet insgesamt 26 Universitéitskliniken, dräi klinesch Instituter, 12 medezinorientéiert Zentren an eng grouss Unzuel un héichspezialiséierte Laboen.

Telefonsnummer
+43 1 401600
Internetsäit
www.meduni.ac.at

Fir op der Meduni Wien Human- oder Zahnmedizin studéieren ze kënnen, muss een den Opnahmetest MedAT schreiwen a bestoen, respektiv sech géint d'Konkurrenz duerchsetzen an en méiglechst héicht Resultat erzielen.

Den Opnahmetest ass all Joer em ongeféier déi selwecht Zäit, dëst Joer war dësen de 07.05.2020. Déi genau Informatiounen zum MedAt 2021 an d'Fristen an Terminer ginn Enn Januar/Ufank Februar op dëser Säit publizéiert: www.medizinstudieren.at

Op der nächster Säit fënns de nach weider Informatiounen zum MedAT 2018 zesummegefaasst, soudass du der den Oflaf virstellen an dech preparéiere kanns.



# MedAT - Opnahmetest Meduni Wien

### Virbereedung

D'Léieren fir den Test ass jiddwerengem selwer iwwerlooss. Mir roden der un den Biologie-, Chimie-, Physik- an Mathematikstoff vun der Première ze widderhuelen (virun allem och op Däitsch), sech awer och déi offiziell Ënnerlagen (Stichwortlisten, Online-Tests, etc.) ganz genau unzekucken an d' Matière ze léieren. Ausserdeem ginn et ganz vill verschidden Übungsbicher, Intensivcouren etc. mir roden der un, onbedéngt Rezensiounen an Bewäertungen ze liesen, fir onnéideg Dépensen ze vermeiden.

Dénk och onbedéngt drun de kognitiven Deel a Betracht ze zéihen (40%).

### Opbau MedAT 2018:

### MedAT-H Humanmedizin:

40% BMS (Bio, Chemie, Physik, Mathematik)
40 Aufg.: Biologie
24 Aufg.: Chemie
18 Aufg.: Physik
12 Aufg.:Mathematik
40% KFF (Kognitive Fähigkeiten & Fertigkeiten)
15 Aufg.: Figuren zusammensetzen
25 Aufg.: Allergieausweise
10 Aufg.: Zahlenfolgen
10 Aufg.: Implikationen erkennen
15 Aufg.: Wortflüssigkeit
10% SEK (Sozial-emotionale Kompetenzen)
10 Aufg.: Soziales Entscheiden
10 Aufg.: Emotionen erkennen
10% TV (Textverständnis mit 12 Aufgaben)

### MedAT-Z für Zahnmedizin:

30% BMS (Bio, Chemie, Physik, Mathemathik)
40 Aufg.: Biologie
24 Aufg.: Chemie18 Aufg.: Physik
12 Aufg.: Mathematik
30% KFF (Kognitive Fähigkeiten & Fertigkeiten)
15 Aufg.: Figuren zusammensetzen
25 Aufg.: Allergieausweise
15 Aufg.: Wortflüssigkeit
10 Aufg.: Zahlenfolgen
10% SEK (Sozial-emotionale Kompetenzen)
10 Aufg.: Soziales Entscheiden
10 Aufg.: Emotionen erkennen
30% MF (Manuelle Fertigkeiten)
2 Aufg.: Drahtbiegetest
5 Aufg.: Formen spiegeln

Den Opnahmetest entwéckelt sech vun Joer zu Joer weider, dowéinst roden mer der un Detailer virum Test nozesichen an sech gutt iwwert den Opbau ze informéieren.

### Wichteg

Fir Humanmedizin: Als Lëtzebuerger gehéiert een zur Éistraicher-Quote. Dëst ass fir dech zum Virdeel, well vill Bewerber aus aneren EU-Länner méi schlecht Quoten hunn.

Fir Zahnmedizin: Leider ass een ab elo als Lëtzebuerger net méi an der Éistraicher-Quote fir dësen Studiengang, wat warscheinlech heescht, dass een sech fir d'EU-Quote muss umellen. Fir och wierklech sécher ze sinn, dass di Quoten-Ännerung 2019 an Kraaft trëtt, empfeelen mir dir am Januar/ Februar op der Säit www.medizinstudieren.at déi Info ze kontrolléieren.

# Veterinärmedizinische Universität Wien



Telefonsnummer
+43 1 250770
Internetsäit
www.vetmeduni.ac.at

D'Haaptrecherchë vun dëser Uni sinn am Beräich vun der Veterinärmedizin, dem ëffentleche Gesondheetswiesen an der Sécherheet vun de Liewensmëttel. Baséiert gëtt sech hei op d'Wuelbefanne vun den Déieren, Déierenhaltung an Déiereschutz.
Bachelor: Pferdewissenschaften, Veterinärmedizin a Biomedizin und Biotechnologie.

# Universität für Bodenkultur



Telefonsnummer
+43 1 476540
Internetsäit
www.boku.ac.at

Hei ginn erneierbar Ressourcen am Zesummenhang mat Naturwëssenschaften, Technik an Ekonomie erfuerscht. Fir de Bachelor op dëser Uni kann een ënnert enger Reih vu Studiegäng entscheeden: Landschaftsplanung- und Landschaftsarchitektur,Forstwirtschaft, Agrarwissenschaften a villes méi.


# Universität für Musik und darstellende Kunst



Telefonsnummer
+43 1 71155
Internetsäit
www.mdw.ac.at

Dës Universitéit ass déi gréisste Konschtuni an Éisträich an déi gréisst Museksuni op der Welt. Héi studéieren 3000 Studente Komposition und Musiktheorie, Dirigieren, Tonmeister, Instrumentalstudium, Kirchenmusik, Pädagogische Studien, Gesang und Musiktheaterregie, Darstellende Kunst oder Film und Fernsehen.

# Universität für angewandte Kunst



Telefonsnummer
+43 1 711330
Internetsäit
www.diean-gewandte.ac.at

“Die Angewandte” ass d’Nummer 1 fir kënschtleresch a wëssenschaftlech Recherchen a steet reegelméisseg an Zesummenaarbecht mat de weltwäit wichtegste Konschtinstitutiounen.
Hei huet een de Choix tëschen: Architektur, Art & Science, Bildende Kunst, Sprachkunst an nach villes méi.


# Akademie der bildenden Künste



Telefonsnummer
+43 1 588161818
Internetsäit
www.akbild.ac.at

Op dëser Konschtuniversitéit gëtt engem d’Léieren an d’Recherchéieren duerch verschidden ästhetesch Phenomener a Wierker bäibruecht.
D’Praxis an d’Denkformen erhält een a verschiddene Bachelorstudiegäng: Bildende Kunst, Bühnengestaltung, Architektur, Künstlerisches Lehramt.

Nieft dëser Auswal, ginn et nach vill weider Universitéiten a Fachhéichschoulen an der éisträichescher Haaptstad. Eng Lëscht mat all dësen Institutiounen, fënns du ënnert folgendem Link: www.studieren.at/wien-studien-unis-fhs







MIT DEN KOSTENLOSEN VORTEILEN UNSERES GREEN CODE STUDENTEN-PAKETS.

Unser Green Code Studenten-Paket beinhaltet kostenlose Bankvorteile, damit Sie das Beste aus Ihrem Leben machen können. Für Studenten zwischen 18 und 30 Jahren.

Mehr Info's auf raiffeisen.lu

DIE BANK, DIE IHREN MITGLIEDERN GEHÖRT.

Raiffeisen

Banque Raiffeisen, société coopérative



Céline & Melissa
am Open Air Kino



Mara
Apéro mat Frënn




Tom
beim Basketspillen



Caroline
um Kahlenberg


## Wéi verbréngs du gären déng Fräizäit?



Ciara & Tom
um Donaukanal



Liz
um Brunnenmarkt



Camille
am MQ



Claire, Petra & Raul
op der Donau

# JOIN OUR TEAM

**L.S.C.** Engineering Group S.A.

Concevoir et construire des projets durables

Regroupées au sein de L.S.C. Engineering Group S.A., les sociétés d'ingénieurs-conseils **Luxplan, Simon-Christiansen & Associés, Géoconseils, Zilmplan et BSC** associent quotidiennement leur savoir-faire afin de pouvoir répondre aux exigences du marché en matière de génie civil.

Nos domaines d'activités sont les suivants :


- *Infrastructures routières et ferroviaires*
- *Direction des travaux,*
- *Construction et Statique de Bâtiments*
- *Ouvrages d'art,*
- *Urbanisme et l'aménagement du territoire*
- *Études de trafic et de mobilité*
- *Géologie et Hydrogéologie*
- *Études environnementales et forestières*
- *Topographie*
- *Systèmes d'Information Géographiques (SIG)*
- *Techniques spéciales*
- *Project management*



En constante évolution, notre groupe recherche de nouveaux collaborateurs pour développer son savoir-faire.

Si l'un de ces secteurs correspond à vos critères de compétences, n'hésitez pas à nous adresser une candidature spontanée à cette adresse mail – jobs@lsc-group.lu – ou par courrier à l'adresse ci-dessous.

***Nous garantissons un emploi stable et intéressant dans un cadre dynamique!***

www.lsc-group.lu | www.simon-christiansen.lu | www.luxplan.lu | www.geoconseils.lu | www.zilmplan.lu | www.bsc.lu
Parc d'activités 85-87 | B.P. 108 | L-8303 Capellen/Luxembourg | Tél. : (+352) 26 390-1 | Fax : (+352) 30 56 09





LËTZEBUERGER STUDENTE WIEN

# since 1975

D'Aufgab vum LSW besteet doranner, d'Lëtzebuerger Studenten ze beroden, ze ënnerstëtzen an se zesummen ze bréngen.

Eist Ziel ass et d'Lëtzebuerger Studente vu Wien am In- an Ausland ze vertrieden.

Dat heescht awer natierlech net, dass mir eis nëmmen op Lëtzebuerger Bekanntschafte beschränken.

Et ass eis wichteg de Lëtzebuerger Studenten zu Wien bei Problemer a Froen ze hëllefen an hinne souwuel wärend hirem Studium, wéi och virdrun an duerno zur Säit ze stoen.

Et kommen ëmmer méi Lëtzebuerger Studenten op Wien, wouduerch mer natierlech och ëmmer méi Membere kréien an eist Angebot un Evenementer probéieren ze erhéijen an ze verbesseren.

## 2020: 300+ Memberen



LANDEWYCK
1847
*Manufacture de tabac*

# MANUFACTURE THE LANDEWYCK FUTURE.

AT FRIDHAFF



## THE TASTE, A FAMILY HISTORY FROM 1847

*As a business founded in 1847 in Luxembourg and currently in its sixth generation, we know the value of continuity - and that extends to our commercial partnerships.*

*We are looking forward to meeting you.*

*Landewyck:*

| | |
|---|---|
| 173 | *years* |
| 41 | *partners worldwide* |
| 4 | *production sites* |
| 1800 | *employees* |
| 26 | *brands* |



# Comité 2020/21



Ciara Daleiden
Präsidentin
Publizistik, Uni Wien



Annick Bach
Vize-Präsidentin
Publizistik, Uni Wien



Jacquie Staudt
Sekretärin
Veterinärmedezin, VetMed



Edvin Ceman

Tresorier

Politikwëssenschaft,
Uni Wien



Caroline Schloesser

Vize-Tresorière

Politikwëssenschaft,
Uni Wien



Melissa Mujkić

Sponsoring

Germanistik, Uni Wien



Cédric Heintz

Eventmanager

Raumplanung, TU



Batty Reding

Eventmanager

Wirtschafts- und Sozialwissenschaften,
WU



Camille Peiffer

Responsable Merchandise

Veterinärmedezin, VetMed



Louis Bleser

Responsable Sport

Geographie, Uni Wien



Michel Lambert

Webmaster

Raumplanung, TU







Avec **Axxess Study**, vous profitez de cartes de crédit, d'une carte de débit Axxess valable partout en Europe, de solutions de financement pour vos études et de multiples autres avantages. Pour garder votre look et faire de votre parcours une réussite.


Pour les jeunes de **18 à 30 ans** : conditions et infos sur **axxess.lu**

axxess

SPUERKEESS.LU

# EVENTS





Nieft eiser Aufgab, de Studenten am Laf vun hire Studien zur Säit ze stoen, sti beim LSW eng ganz rei Evenementer am Laf vum Joer um Programm.

Lass geet et Ufank Oktober mat eiser Welcome Party fir de Semesterufank ze feieren. Déi nei Studente kënnen an enger gemittlecher Atmosphär aner Studente kenneléieren. Ab do hunn d'Leit och d'Méiglechkeet eng Memberskaart ze kafen, mat der verschidden Evenementer scho bezuelt sinn (Welcome Party, Daf, Beachvolleyball-Tournoi, asw.). An engems kënnt de Student an den LSW-Email-Verdeeler, deen iwwert aktuell Evenementer informéiert a wichteg Noriichte verdeelt.

Als Zweet fënnt am November eis Daf statt, bei der et sech em en Rallye duerch Wien handelt, wou déi nei Studenten a Gruppen opgedeelt ginn. Zum Schluss gëtt d'Daf mat enger klenger Feier an engem vun eisen Stammlokaler ofgeronnt. Dëst ass eng weider Geleeënheet d'Stad an aner Studente besser kennenzeléieren.

Am Dezember feiere mir op eng extra Aart a Weis zesummen de Kleeschen. An eisem Stammlokal, de Weberknecht, dee mat enger eegener Bar fir e gudden Ambiente suergt, organiséiere mir ee Pubquiz. Hei trieden eis Studenten a verschiddenen Ekippe géinteneen un an testen hiert Wëssen an allen méigleche Beräicher. En zweete Pubquiz gëtt am Laaf vum Fréijoer organiséiert.

Am Mäerz steet dann eis Assemblée Générale um Programm, wou den neie Comité vun all de Membere gewielt an de Bilan vum Joer gezu gëtt. Zum Schluss steet eng oppen Diskussioun fir Virschléi oder Kritik un.

Am Summer feiere mir eist grousst SauFest op der Donauinsel, wou den LSW fir Drénken an eng knuspreg Sau suergt. Dëst Event ass all Joer en Highlight mat iwwer 500 Leit. Mëttlerweil ass d'Saufest sou beléift, dass den LSW eng Intercercle doraus gemaach huet.

Dat bedeit, dass Lëtzebuerger Studenten aus allen Stied bei eis op Wien kommen an all zesummen en flotte Weekend verbréngen. Och um Programm: eng Besichtegung vun der Stad an en Owesiessen an engem traditionelle Wiener Lokal.






Natierlech participéiere mer och des Ëfteren un Intercerclen an aneren Unisstied. Nieft engem Ausfluch op d'Oktoberfest mam LSM, ware mer läscht Joer och op Innsbruck bei den LSI op den Ugly Skiing Day.

Virun zwee Joer hunn mer och ee Béierpong Tournoi mat an de Programm era geholl. Ausserdeem ginn och sportlech Aktivitéiten organiséiert wéi zum Beispill eise Beachvolleyball Tournoi zu Wien, wou de Gewënner natierlech eng Corbeille kritt.
E weidert grousst Sportsevenement ass den Tournoi de Noël, wou den LSW all Joers am Basket, Fussball a Volleyball eng Equipe umellt.
Och zu Lëtzebuerg si mir vertrueden duerch eisen Hüttenzauber, deen dëst Joer a Form vun enger Après-Ski Party am Soho war.

Am Summer organiséiere mer och zwee méi kleng Evenementer, wou mer zesummen op de Stauséi an op d'Fouer ginn. Ausserdeem si mir um ACEL Studentebal vertrueden souwéi op der Foire de l´Etudiant, wou mer jiddweree gären iwwert d'Studienméiglechkeeten zu Wien an alles, wat zum Studenteliewen dozou gehéiert, informéieren.

Sou kënne mir behaapten, datt fir all Student eppes dobäi ass. Falls du nach weider Froen hues, wat eis Memberskaart, ee vun eisen Evenementer oder och aner Themen ugeet, dann zéck net dech bei eis ze mellen.









## 2020

Leider ware mir dëst Joer opgrond vu Corona gezwongen vill vun eisen Evenementer ofzesoen respektiv ze verschiben.

Als Comité hunn mir no Alternative gesicht fir eis Memberen trotzdeem zesummen ze bréngen, ewéi zum Beispill duerch de BuddyProjet, Online-Pubquiz asw.

AN ENGER WELT DÉI ÄNNERT

# PROFITÉIERT DIR VU GRENZELOSE VIRDEELER




**EXKLUSIV STUDENTENOFFER**

CEDIES-Prêt, gratis Ophiewungen am Ausland an nach vill méi.*

bgl.lu/fr/pret-etudiant

BGL BNP PARIBAS

D'Bank fir eng Welt déi ännert

*D'Offeren ënnerleie Konditiounen a sinn un d'Akzeptéiere vum Dossier duerch d'Bank gebonnen. Gratis V-PAY-Ophiewungen op all de Geldautomate vum Grupp BNP Paribas an de Partnerbanken an der Eurozon an an de Länner déi d'V-PAY-Kaart akzeptéieren.
BGL BNP PARIBAS (50, avenue J.F. Kennedy, L-2951 Luxembourg, R.C.S. Luxembourg : B 6481) Kommunikatioun Marketing Oktober 2020



# Wiener Schnitzel

Den traditionellen Wiener Schnitzel gëtt aus Kalleffleesch gemaach a gehéiert zu den bekanntsten Spezialitéiten aus der Wiener Kichen.
Fir dech also perfekt op Wien anzestëmmen, hunn mer hei een Wiener Schnitzel Rezept fir zwou Persounen.

## SCHNITZEL

1 Kallefsschnitzel
Ram
Eeër
Miel
Panéiermiel
Botter
Salz a Peffer

1. Kallefsschnitzel platt dräcken an op deenen zwou Säite pefferen a salzen.

2. Ram an Eeër an enger Schossel mat enger Forschette verréieren. Miel a Panéiermiel jeeweils an een Zoppenteller ginn.

3. De Schnitzel kuerz a Miel zappen, dono an d'Schossel mat der Ram an den Eeër an uschléissend an d'Panéiermiel. Panad e bëssen undrécken.

4. Botter an der Pan schmëlze loossen. De Schnitzel da vun all Säit gutt véier Minutte Gold-giel ausbacke loossen. De Schnitzel roueg mam Fett ëmmer rëm begéissen.

## GROMPEREN ZALOT

4 – 5 Gromperen
Rënds Bouillon
Esseg
Ueleg
1 Zwiwwel
1 EL Moschtert
Salz a Peffer

5. Gromperen 20 Minutte kache loossen.

6. Gromperen nach waarm schielen an se an dënn Scheiwe schneiden. Alles an eng grouss Schossel ginn.

7. Bouillon liicht erhëtzen an iwwert Grompere schëdden. Uschléissend mat Peffer, Salz, Esseg, Zwiwwelen an Ueleg verfeineren.

8. No Loscht a Laun och nach Moschtert bei d'Zooss derbäi ginn.

**Mahlzeit!**

# Wienerisch

| | |
|---|---|
| Servus, Grüß Gott | Moien |
| Baba | Äddi |
| heuer | dëst Joer |
| Jänner | Januar |
| Feber | Februar |
| Trafik | Tubaksbuttik |
| Tschick | Zigarett |
| Friedhofspargel | Zigar |
| Kaiserspritzer | Spritzer+ Hollunder |
| Spritzer | Wäin+ Spruddelwaasser |
| Meidlinger Rosé | Rouden+ wäissen Wäin |
| Krügel | 0,5L Béier |
| Doppler | 2L Wäinfläsch |
| Sechzehna | Ottakringer Béier |
| Tschecherant | Alkoholiker |
| fett, zua sein | besoff sinn |
| restfett | am Solper |
| Gössermuskel | Béierbauch |
| Sackerl | Akaafstut |
| Kassa | Kees |
| Schanigarten | Terrasse |
| Babyschaas | séisse Moschtert |
| Faschiertes | Gehacktes |
| Fritatten | kleng Stécker Paangech |
| Hendl | Poulet |
| Kipferl | Croissant |
| Semmel | Bréitchen |
| Erdäpfel | Gromperen |
| Marille | Aprikos |
| Maroni | Käschten |
| Melanzani | Aubergine |
| Paradeiser | Tomaten |
| Schwammerl | Champignon |
| Palatschinken | Paangech |
| Obers | Ram |
| Häferl | Taass |
| Topfen | wäissen Kéiss |
| Zuckerl | Kamell |
| Mélange | Cappuccino |
| Bim | Stroossebunn |
| Spital | Spidol |
| Münzkaribik | Solarium |
| Bussi | Kuss |
| Gspusi | Techtelmechtel |
| Nudelfriedhof | Prostituéiert |
| leiwand | gutt |
| deppert | blöd, domm |
| fesch | schéin, attraktiv |
| schiech | ellen |
| ur (z.B. urgeil) | mega |
| kommod | bequem |
| miselsüchtig | depressiv |
| abpaschen | fortlafen |
| grausen | sech virun eppes eeklen |
| schmusen | mat engem |
| /schnackseln | schloofen |
| sudern | jéimeren |
| Schmäh | Witz |

# Impressum

## Editeur

Lëtzebuerger Studenten Wien
Site: www.lsw.lu
Kontakt: lsw@lsw.lu

## Redakteren

Braun Lisa
Daleiden Ciara
Dammé Michelle
Feiereisen John
Johann Gilles
Pepin Lou
Suljic Smail
Vandermuntert Maxime

## Fotoen

Ceman Edvin
Daleiden Ciara
Dammé Michelle
Johann Gilles
Pepin Lou
Schloesser Caroline
Suljic Smail
Wiltgen Mara

## Layout an Design

Daleiden Ciara
Dammé Michelle
Heintz Cédric

## Sponsoring

Mujkić Melissa

## Korrekter

Mujkić Melissa



## Editioun N°6

**Original 2015-2016**

Lëtzebuerger Studenten Wien A.s.b.l.